Espace~Famille

Service d'information, de consultation et de rencontre

E~F NEWS 1 - 2014

S.2.....E klenge "Merci" an e "Wannechgliwt" ☺

S. 3 .....Spring Special : EUROPA BUFFET

S.6..... Kaffispaus mam José Pinto

S.10....."Begriffs-Klärungs-Versuch"

Mir wënschen Iech eng flott Lektür ☺.

Zanter dass den Espace~Famille Owendsgruppen ubidd, schaffe mir zesumme mam Club Senior vun der Gemeng Mamer. Déi Responsabel vun der Gemeng, a besonnesch d'Sekretärinne vum Clubhaus "am Brill" hate vun Ufank un en oppent Ouer fir eis a stellen eis hire Sproochesall zur Verfügung. Mir wollten hinnen hei mol eng Kéier villmools Merci soen.

Am Géigenzug musse mir eis fir all eenzelnen Owend aschreiwen an umellen – an ofmelle wann eng Kéier en Owend ausfällt. Duerfir froe mir ëmmer, dass een sech wannechgliwt bei eis umellt wann ee wëllt un engem Grupp deelhuelen. Mir sinn iwwerzeegt, dass Dir Verständnis duerfir hutt. MERCI!

SAVE THE DATES

10.03.2014 : Elteren~Owend

03.04.2014 : Geschwëster-Treff

28.04.2014 : Elteren~Owend

11.05.2014 : EUROPA BUFFET

15.05.2014 Gespréichsgrupp fir Leit mat enger Behënnerung

05.06.2014 Geschwester-Treff

16.06.2014 Elteren-Owend

31.07.2014 Geschwester-Treff

28.07.2014 Elteren-Owend

An ganz nei derbäi :

17.03.2013 : Gespréichsgrupp fir Persoune mat Lernschwieregkeeten

Welcome – Bienvenue – Willkommen – Bienvenido – Tere Tulemast – Tervetuloa - Kalós írthate - Laipni lūdzam - Sveiki atvykę – Merħba – Welkom – Velkommen – Witamy - Bem-vindo - Bine ai venit – Dobrodošli – Välkomna – Vítejte - Dobre doshli – Benvenuto – Üdvözöljük

Europa~Buffet

Sonndeg, 11. Mee 2014

Restaurant “beim Goldknapp”

zu Ierpeldéng (Ettelbréck)

Den EUROPA BUFFET ersetzt dëst Joer de FREIJOERS BRUNCH, an dat aus aktuellem Anlass.

Europa-Daag ass jüst virdrun, den 9. Mee, an d’ Europa-Wahlen sinn eng Woch méi spéit: de 25. Mee. Mir profitéiere gäre vun der Aktualitéit fir Iech informativ a kulinaresch op Europa anzestëmmen.

Hei ass schonn e klenge Virgeschmaach (Invitatioune kommen och nach no) ☺.

Menu du Jour :

Apéritif :
Sangria (con o sin alcool) – Gaspacho – Surtido de tapas (España)

Entrées :
Zupa barszcz (Polen) - Soupe au pistou (France) - Garnaalkroketten (Nederland)
Charcuteries ardennaises (Belgique) - Truite saumonnée (Letzebuerg)
Tzaziki (Griechenland) - Foccaccia (Italia) - Crudités

Plats (au choix):
Coq au Riesling (France) avec Tagliatelles et choux de Bruxelles
Moussaka (Griechenland)
Ravioli ricotta spinaci (Italia)

Desserts :

Sachertorte (Austria) - Pasteis de nata (Portugal) - Mousse à la framboise

Präis : 26.50

Apéritif, Entrées an Desserts sinn als Buffet. Fir de Plat biede mir Iech, eis äere Choix matzedeelen. Eist Personal am Restaurant zervéiert Iech deen da gäre färdeg dresséiert um Dësch.

Umelle kënn Dir Iech vun elo un a bis den 30. Abrëll allerspéitstens.

Per Telephon : 30.92.32.224 (moies) oder per email : espace-famille@ligue-hmc.lu

Am November 2013 ware landeswäit Delegatiouns-Walen, wou och Aarbechter mat enger Behënnerung hire Vertrieder gewielt hunn. Bei der Ligue HMC ass de José Pinto mat engem super Resultat gewielt ginn.

Mir ware firwëlzeg, fir mat him iwwer seng nei Funktioun als Delegéierten ze schwätzen. Dofir hu mir hie gefrot ob hie mat eis e Kaffispause- Gespréich wëllt maachen. Hie war direkt averstanen.

Kaffispaus mam … **José Pinto**

Moien. Kanns du dech kuerz virstellen ?

Ech sinn de Pinto José. Ech hu 25 Joer a wunnen nach doheem. Ech sinn och net presséiert fir eraus.

Hues du en Hobby?

Während 25 Joer hunn ech an enger portugisescher Danzgrupp mat gedanzt. Lo maachen ech näischt méi. Et gëtt mer zevill niewent der Aarbecht.

Géifs de wëllen eppes iwwer deng Aarbecht zielen?

Ech schaffen am Restaurant HMC, meeschtens hannert dem Comptoir oder fir Commanden opzehuelen. Am ganze schaffen ech schonn 9 Joer. Et gefällt mir och gutt.

Du waars net vun Ufank un am Restaurant...

Nee, ech war fir d'éischt an der Evaluatiounsgrupp, dono hunn ech Stage gemaach, am Atelier wou d'Kleesercherstute gemaach gi sinn, an och an der Musek. Ech hunn och e Stage am Cannage gemaach. Ech hunn ëmmer nach e Kuerf doheem dee mir gemaach haten.

Mee schlussendlech bass de a Richtung Restaurant gaangen...

Jo, si (d'Responsabel vum Evaluatiouns-Service) hate mat menger Mamm geschwat, si haten am Ufank gemengt ech sollt an de Gardë-Beräich schaffe goen. Meng Mamm huet dat net gutt fonnt, well et dobaussen ass. Ech gi méi schnell krank, ech hunn och Asthma an eng Allergie op Pollen. An du sinn ech an de Restaurant komm. Ech fannen dat gutt, well ech vill mat Leit ze dinn hunn. Dat sinn ech gewinnt vum Danzen.

Du bass och am Conseil?[1]

Jo, well ech gären de Leit hëllefen.

D'Personal vun der Cap hat eis erkläert wat dat wier an dunn hunn ech mech gemellt.

Ech si sensibel a versetze mech an d'Platz vun der Persoun. Da fillen ech ewéi d'Persoun fillt an da kann ech mir e bësse besser virstelle wat si géif brauchen. Dofir muss ech mat hinne schwätzen, da versteet ee wat si denken. Da kann e kucke wat misst sinn fir dat si et méi einfach hunn. Z.B. wéi zu Péiteng : do maachen se e Lift op der Gare fir déi Leit déi net gutt zu Fouss sinn. Fir esou eppes muss een sech asetzen.

Du has dech gemellt fir an d'Delegatioun vun de Leit, déi an den Ateliere schaffen.

Jo, mee ech hu missen iwwerleeën. Ech hu mir gesot, dat kënnt ech maachen, da well ech et och maachen. An elo sinn ech gewielt!

Ech traue mech elo méi fir mat Leit ze schwätzen, och mat Chefen. Virdrun hunn ech mech net getraut, och net vis-à-vis vu Kollegen. Ech hunn oft villes a mech era gefriess. Ech hu gefaart.

Wat mir och vill gehollef huet ass de Fitness. Ech hunn do JetKondo gemaach während engem Joer. (Dat ass eng Kampfsportart, déi de Bruce Lee erfonnt huet. Ech fannen dee gutt.) Dat huet mir vill Vertrauen a mech selwer ginn an ech fäerten net méi. Och wa Kollege lo soen, si wëllte schloen, da fäerten ech net méi. Et soll een de Mond opmaachen a schwätzen amplaz ze schloen.

Wéi hues du dech gefillt wéi's de gesinn hues, dass du als Personalvertrieder gewielt waars?

Ech war frou. Dat ass e Schrëtt méi wäit wéi am Conseil. Ech war och erstaunt iwwert d'Punkten déi ech kritt hunn [2].

[1] Conseil des salariés handicapés

Ech si lo gespaant wéi et weider geet. Delegatioun ass eppes Offizielles. Probéieren ass ëmmer gutt. Gëschter war déi éischt Sitzung, mee ech daarf näischt doriwwer soen.

Wéi eng Wënsch hues du elo als Personalvertrieder?

Ech wëllt, dass de Leit hir Meenung an hier Wënsch besser kënne gehéiert ginn. Ech si selwer an der Situatioun (vun engem Mënsch mat enger Behënnerung). Ech ka besser verstoen. Si kommen och méi liicht bei mech an trauen sech méi fir ze schwätzen. Ech huelen dann hir Wënsch an Iddie mat an d'Delegatioun an da gëtt et deene méi bewosst wat d'Leit déi an den Ateliere schaffen brauchen a wëllen. Vläicht geet et da besser. Et ginn der Leit, déi wëlle schwätzen mee si trauen sech net. Da schwätzen ech fir si...

Mäi Problem ass dass ech net gutt verhalen, ech üben dowéinst. Dat ass jo elo awer wichteg.

Fënns du dass et nach wichteg ass, fir am Conseil des SH ze bleiwen?

Jo, mir hëllefen een dem aneren. Wa Problemer sinn, iwwert déi am Conseil geschwat gëtt, da kann een dat an d'Delegatioun weiderginn oder nofroen.

Mol kucken...

Hues de eigentlech gefeiert wéi d'Resultat vun de Walen erauskomm ass?

Jo, eng Rei Kollegen hu mir gratuléiert, esou guer e puer Leit déi ech guer net kannt hunn. Mat mengen Elteren hunn ech doheem e Glas Schampes gedronk ☺.

Merci, José, fir d'Gespréich a vill Erfolleg an denger Aarbecht als Delegéierten.

[2] De José Pinto ass mat 136 Stëmmen de 4.bescht-gewielten an der Personalvertriedung an zoustänneg fir d'Uleies vun de salariés handicapés !

Begriffs-Klärungs-Versuch : geeschteg Behënnerung

"Genau wie unsere Körpersprache spiegeln auch Begriffe und Formulierungen unsere Wahrnehmung von anderen Menschen. Uns geht es darum, das Thema Behinderung und die betroffenen Personen korrekt anzusprechen".

Dat war d'Thema vun engem Elteren~Owend.

Kuerz zesumme gefaasst kann e festhalen : de Sproochgebrauch huet am Laaf vun der Zäit ganz vill an oft geännert. E war eigentlech ëmmer geprägt vun der professioneller Orientatioun vun deene Leit, déi sech em d'Thema gekëmmert hunn.

Soulaang dat haaptsächlech Mediziner waren, hunn si och hier Medeziner-Sprooch gebraucht. Z.B. Oligophrenie, geistige Retardation, asw.

Zanter Ufanks 1900 hunn Psychologen mat Hëllef vun Intelligenz-Tester geschafft. An hirem Sproochgebrauch ware Bezeechnunge wéi "handicap intellectuel", intellektuelle Behinderung oder Beeinträchtigung.

Lebenshilfe an Däitschland (1958) hunn den Terme "geistige Behinderung" gebraucht, mee relativ séier huet een net méi vu "Menschen mit geistiger Behinderung" geschwat, mee vu "Menschen mit Behinderung".

De "People First"/"Mensch zuerst" Movement huet ab de fréie 70er Joeren d'Bezeechnung "Menschen mit Lernschwierigkeiten" duerchgesat. Déi gët och elo nach zimlechoft gebraucht.

D' Servicer **Info-Handicap** an **Klaro** (an Zesummenaarbecht mam Ministère de la Famille et de l'Intégration) hunn iwregens zu dësem Thema eng Publikatioun erausginn, déi dir iech och kënt iwwert de site www.info-handicap.lu ukucken an /oder eroflueden

Ratgeber barrierefreie Kommunikation
1. Sprachgebrauch zum Thema Behinderung
(Klaro, Info-Handicap, Ministère de la Famille et de l'Intégration)

Fazit : Geistig behindert = OUT
Mensch mit Lernschwierigkeiten = IN

Voilà – dat war et fir dës Kéier.

Wéi ëmmer freeë mir eis elo schonn iwwer Äre Feed-Back! Wann et Iech gefall huet, loosst eis et wëssen. A wann net, dann och! Merci.

bis geschwënn.

Ligue HMC asbl
82, route d'Arlon
L-8311 CAPELLEN
Tél. : 30 92 32 224 / 621 45 14 92